Fondation
Hëllef fir d'Natur
Protect, restore and preserve

MACHT MAT:

# E Bam an d'Gewan

Méi Natur, Schiet a Klimaresilienz an eiser Kulturlandschaft





> Zënter iwwer 10 Joer schaaft d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur mat dësem Projet méi Struktur an der Landschaft - zesumme mat lokale Partner.

## Firwat Beem an der Gewan wichteg sinn

- **Liewensraum a Vernetzung**

Solitärbeem a Bamreie stelle fir eng ganz Rei Déiere wichteg Liewensraim duer. Si déngen als Trëttsteng a Korridoren an hëllefen esou ville Liewewiesen, méi grouss Distanzen ze iwwerbrécken. An eiser moderner Agrarlandschaft feelt et dacks un dësen Trëttsteng a Korridoren. Doduerch kann den Austausch tëschent verschiddene Populatioune verhënnert ginn - am schlëmmste Fall bis hin zum Verschwannen eenzelner Aarten.

- **Virdeeler fir d'Landwirtschaft**

Beem maache Schiet, vun deem virun allem d'Déiere profitéieren. Si fille sech méi wuel a kënne méi produktiv sinn. Bei extreemer Hëtzt kann d'Mëllechleeschtung ëm bis zu 3 Liter pro Dag erofgoen, wann et de Béischten u Schiet an Ofkillung feelt. Och d'Fleeschproduktioun profitéiert vun engem reduzéierten Hëtzestress.

- **Buedemschutz a stabil Erträg**

Solitärbeem a virun allem Bamreie verhënnere Buedemerosioun a bidde Wandschutz. De Buedem dréchent manner séier aus - e Virdeel, deen an de méi dréchene Summere vun der Zukunft ëmmer méi wichteg gëtt. Bamreien droen dozou bäi, d'Erträg besonnesch an extreme Joren ze stabiliséieren.

## E Projet fir är Parzell

> **De Projet ass gratis fir all Participant. D'Fondatioun begleet Är Iddi vum éischte Rendez-vous bis zur fäerdeger Planzung.**

- Esou geet et
  - **Interessi mellen.** Kontaktéiert eis mat Ärer Iddi fir een oder méi Beem.
  - **Rendez-vous op der Plaz.** Mir kucken zesumme mat Iech, wat Är Virstellunge sinn a wéi d'Planzung lokal am beschte kann ëmgesat ginn.
  - **Mir këmmere eis ëm de Rescht.**

- Wat d'Fondatioun iwwerhëlt
  - **Berodung** an Ofstëmmung direkt op der Plaz
  - **Planung** an Organisatioun vun der Beemplanzung
  - **Planzung** vun de Beem an e passende Weideschutz

- Déi eenzeg Bedingung

> **D'Planzfläch muss ausserhalb vum Bauperimeter leien.**

- Eng Beräicherung fir d'Landschaft

Nieft hirem ekologeschen a landwirtschaftleche Wäert präge Solitärbeem eis Kulturlandschaft. Si schafen Identitéit, markant Orientéierungspunkten an e wäertvollen Ierfschaft fir déi nächst Generatiounen.

**Mellt Iech bis de 15. Oktober 2026 un.**

Tel. +352 29 04 04 323 | +352 29 04 04 1
E-mail : **bam@hellefnatur.lu**

